

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

De 7. Abrëll war an enger Rei Presseartikelen ze liesen, datt Lëtzebuerg e russeschen Diplomat ausweist. An engem entspreichenden Artikel am Lëtzebuerger Wort heescht et op Basis vun enger Pressematdeelung vum Bausseministère: *"Diese Person muss Luxemburg innerhalb von 15 Tagen verlassen, da ihre Aktivitäten den Sicherheitsinteressen Luxemburgs zuwiderlaufen"*. Weider gëtt den Här Bausseminister awer och perséinlech mat follgender Ausso zitéiert: *"Die luxemburgische Regierung zeigt sich solidarisch mit der großen Mehrheit der EU-Staaten, die ebenfalls bereits derartige Schritte eingeleitet haben"*.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

- 1) Géint wéi eng national Sécherheetsintressen huet dee betraffene russeschen Diplomat verstouss, déi esou e Schratt géife rechtfäerdeg? Op wéi eng Manéier soll dee Verstouss stattfonnt hunn? Fir de Fall wou d'Regierung scho méi laang gewosst hätt, datt den Diplomat géint eis national Interesse gehandelt hätt, firwat gouf en dann net éischer ausgewisen?
- 2) Wéi goufen d'Ursaache vun dëser Decisioun, also d'Verdeedegung vun nationale Sécherheetsintressen an d'Solidaritéit mat aneren EU-Staaten, prioriséiert a géinteneen ofgewien? Wat wor hei méi wichteg? Gouf et vläicht en Accord op EU-Niveau fir russesch Diplomaten mat dem Argument vun der nationaler Sécherheet auszeweisen ouni datt dat am Eenzelfall muss den Tatsaachen entspreichen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten